8 oui; 3 non; 1 abstention

# Délibérations du conseil communal

## 9 — Nouvelles dénominations des rues des Cités Patton et Lopert

Cité Lopert A:	rue Michel Rodange
Cité Lopert B:	rue abbé Joseph Flies
Cité Patton A + Belle Vue:	rue Jean-Antoine Zinnen
Cité Patton B:	rue Michel Lentz
Cité Patton C:	rue Philippe Manternach

12 oui

■ Fixation des indemnités à accorder aux agents-recenseurs et au contrôleur pour le recensement fiscal du 15 octobre 2003

12 oui

■ Approbation de la modification de la délibération du 25 juillet 2003 portant engagement d'une éducatrice à l'éducation précoce

12 oui

■ Approbation de différents contrats de louage de service à durée déterminée pour chargés de cours remplaçant dans les enseignements préscolaire et primaire

12 oui

■ Approbation d'une réglementation d'urgence de la circulation (chantiers avenue Salentiny et avenue Kennedy)

12 oui

## 10 — Divers

■ Approbation des nouveaux statuts du SIGI

12 oui

■ Approbation de l'adhésion de la commune de Dudelange au SIGI

12 oui

## 11 — Indigénat: Options, naturalisation et recouvrement

Délibérations en séance secrète



Assermentation de la nouvelle conseillère Sylvie BISSDORFF (CSV)

Photos: Romain Heckemanns

## Nouveaux parkings



rue du Canal (35 places)



ancienne Maison Roleder - rue de la Synagogue (10 places)

Photos: Pierrot Feltgen

# Ovation Pierre Kraus

Ovation Pierre KRAUS 26 juin 2003

**Usprooch vum Jean-Paul SCHAAF,  
Buergermeeschter a Vertrieeder vun der  
CSV-Fraktioun**

Léiwen Éierebuergermeeschter Pierre Kraus,  
Léift Elvire Draut,  
Léif Familljen,  
Här Parteipräsident a Regierungsvertrieeder  
François Bildgen,  
Kollegen aus dem Scheffen- a Gemengerot,  
Gemengepersonal, Léierpersonal vun  
Primärschoul a Conservatoire,  
Léif Vertrieeder vun de Veräiner an  
Institutiounen,  
Kollege Buergermeeschteren a Scheffen vun  
den Nopeschgemengen,  
Léif Alleguer,



Photos: Romain Heckemanns

An der Politik gëllt et Entscheidungen ze huelen. An och wann ee weess, dass se um intellektuellen Plang richteg geholl goufen, esou sinn se awer mënschlech oft belasschend. An deen deen entscheeden muss, steet oft eleng mat senger Gefiller a Suergen.

Dem Pierre Kraus huet eng léiw Persoun zur Säit gestan mat hirer Ausstrahlung, hirer Ënnerstëtzung, hirem gudden Wuert, hirem Trouscht a mat deenen honnert klengen Gesten vum Alldag, déi si erliedegt huet.

Ech hun e Bouquet Blumme matbruecht fir Iech, léiwte Elvire Draut, Merci ze soen dofir, dass Dir dem Pierre Kraus geholfen hutt, een ausgeglachene Politiker a Mënsch ze sinn.

Dir waart him eng Stäip an Dir sidd et och nach haut. Dës Blumme sin e Gest vun Dankbarkeet a vu Frëndschaft. Seng lescht Joeren als Buergermeeschter kann een net gesinn ouni är diskret Ënnerstëtzung, net an der Amtsféierung, mä an der mënschlecher Begleitung. Dir hutt wesentlech Verdingscht dorunner, dass de Pierre Kraus esou vill Energie opbruecht huet am Dingscht vun eis all.

Et ass mir virbehal, op d'Liewen vun deem haut Geéierten anzegoen.

Pierre Kraus, Dir sidd de 16. September 1929 gebuer, als zweet Kand vum Nicolas Kraus a Marie Schadeck. Schons e puer Joer méi spéit, 1934, Dir hat 5 Joer, stierwt Äre Papp. Et war deemno eng schwierig Aufgab fir Är Mamm eleng hir zwee Kanner, an enger ongewësser Zäit, op d'Liewen virzubereeden.

Dir besicht d'Primärschoul an duerno de Lycée zu Dikrech. Nom Lycéeofschloss 1950 schafft Dir beim Landwirtschaftlechen Verband zu Ettelbréck a wiesselt dann bei d'Firma Hary Pütz. An där Firma klammert Dir d'Leeder erop a gitt als "Fondé de pouvoir" 1994 pensionnéiert.

Oft hunn ech d'Remarque schons héieren: de Pit hätt bestëmmt gären a virun allem Gudd Héichschoulstudien gemaach. Et war Iech leider net vergonnt, d'Liewensëmstänn hunn Iech een anere Wee zougewisen, an Dir hut d'Chancen vun deem anere Wee net erlaanscht goe gelooss. Och hutt Dir ären intellektuellen Horizont permanent erweidert duerch Liesen, duerch Austausch an duerch dat Iech eegent Iwwerleëen iwwert de Fong vun de Liewenszesammenhäng.

Dass Dir e Frënd vum Elsass sidd, hängt niewt der onbestreibar Schéinheet vun deem Eck och un Ärer Fra, dem Marlyse Göttelmann. Aus dem 1954 gefeierten Bestiednis sinn dräi Kanner ervirgaangen, de Marc, d'Martine an d'Sylvie. Allen dräi hu si eng erfollegräich Carrière an der Musék, respektiv an der wëssenschaftlecher Fuerschung gemaach. Stolz kënn Dir op si sinn a stolz sidd Dir och. Mam Doud vun Ärer Fra 1995 huet fir Iech eng traureg a schwierig Zäit ugefaangen. Déi déi mat Iech geschafft hunn, wëssen et.

Trotzdem hutt Dir Iech an der Politik weider engagéiert a sidd am Januar 96 erëm an de Schefferot agezunn.

An d'Politik koumt Dir schons 1969. Dir sidd du vir d'éischt op der CSV-Lëscht mat an d'Kommunalwahlen gaangen a gouft direkt an de Gemengerot gewielt. Dese Succès hat Dir a 5 weideren Walgänger, 1975, 1981, 1987, 1993 an 1999 widerholl. Sechs mol gouf Dir vum Wieler mandatéiert d'Geschécker vun Ettelbréck matzestëmme. Dir waart Member vum Gemengerot vum 1. Januar 1970 bis zum 4. Juni 2003. An deem Zäitraum vun 33 Joer war Dir bal 19 Joer Scheffen an 5 Joer Buergermeeschter. Eleng an deene 60 Méint als Buergermeeschter wäert Dir schätzungsweis

# Ovation Pierre Kraus

5.000 Stonnen op der Gemeng verbruecht hunn (gerechent mat 20 Stonnen d'Woch), an op d'mannst déi selwescht Stonnenzuel owes doheem fir d'Allgemengheet geschafft hunn.

De Pierre Kraus huet och eng Veräinscarrière gemaach, an déi liest sech esou:

Alles wat Etzella heescht. Dir hutt Fussball gespilt am FC Etzella, Basket am BBC Etzella, Dëschtennis am DT Etzella. An Dir waart och nach Member vun den Ettelbrécker Scouten Bis haut sidd Dir Präsident vum Dëschtennis an hutt ganz vill Meritën an der Success-Story vun dësem Club.

Niewt Ärem Engagement am Sport ass awer Ärt Schaffen fir d'Konscht a virun allem fir d'Musékerzéiung ervirzehiewen.

Dir waart Präsident vun der Kommissioun vun der Ettelbrécker Musékschoul a Präsident vun der lokaler Kulturkommissioun. A béiden Domänen huet Dir lech vun engem Usproch vun héiger Qualitéit leeden gelooss a mat Recht gemengt, dass et net als öffentlech Aufgab kann ugesinn ginn fir déi Kultur ze sponsoren déi och ouni öffentlech Gelder kann existéieren. Dir hutt konsequent d'Kultur vun héigem Niveau gefördert, wat lech hei ans do de Virwurf abruecht huet, d'Gemeng géif eng elitär Konscht fördern. Ob een elo dat als elitär muss bezechnen wat d'Resultat vun der mënschlecher Schaffenskraft op musikaleschem Plang ass, sief awer bezweifelt.

Mat Recht houfreg war Dir wéi Dir dëst Haus, de Centre des Arts Pluriels Ed Juncker am September 1999 konnt aweien. Dir hutt weesentlech d'Konzeptioun, d'Gestioun an den éischten Programm gehollef gestalten. Dir hutt dem Haus zu senger kultureller Missioun op regionalem Plang verhollef an Dir stungt ëmmer voll a ganz dohannert.

Grad esou ass et Ärt léifste Kand, dass d'Musekschüler aus dem Landesnorden elo am Conservatoire du Nord kënnen Musekunterrecht kréien. Zesumme mat der Gemeng Dikrech ass desen ambiziéisen Projet no laanger Ulafzäit duerch Arrêté vum 20. Dezember 2002 op d'Schinnen gesat ginn. De Conservatoire funktionnéiert zënter dësem Schouljoer an erméiglecht de Schüler aus eiser Geigend an de Genoss vun enger qualitativ héichwäerteger Musékerzéiung ze kommen. Hei leeschten d'Gemengen Dikrech an Ettelbréck, mat grousem finanziellen Opwand, fir de ganze Landesnorden eng wichteg Missioun am Dingscht vun der Jugend. Et ass duerfir och eng Eier fir de Conservatoire fir dës Feier musikalesch ze encadréieren.

Pierre Kraus, Dir sidd eis alleguerter gutt bekannt als e Mann vu Prinzipien. Dir hutt wuel ni oniwweiluecht an impulsiv

decidéiert. Des Dugend léisst sech am beschten erëmginn mat Ärem iwweill bekannten an oft gebrauchten "Attention". Dir hutt domadder eis ëmmer zur Virsicht ermontert, zur Besonnenheet an zu iwweiluechtem Handeln.

Dir hutt et deem deen un lech erugetratt ass mat engem Uleies domadder net ëmmer liicht gemaach. Dir hutt lech nämlech oft net direkt geäussert an d'Problemer mol fir d'éischt enger sachlecher Analyse ënnerzunn. Dobäi hutt Dir lech net gescheit och kontrovers Argumenter an d'Diskussioun anzebréngen.

E bësschen charakteriséiert de Pierre Kraus och seng Ongedold. "En avant" ass en anere Sproch vun lech fir déi oft onendlech Diskussiounen op en ofschléissenden Punkt ze bréngen.

Als gudde Sportler sidd Dir e Mann vu fair play. Dir hutt ëmmer rücksichtsvoll mat alle politesche Partner zesummengeschafft. Ech iwweil loossen et op deser Plaz awer den respektiven Fraktiounsspriecher aus hirer Siicht dorop anzegeen.

An der CSV-Fraktioun ware mir dank Ärer Souveränitéit, Ärer Erfahrung, Ärem Wëssen staark vun lech beaflosst. Dir hutt eis vill geléiert. An aus parteipolitescher Siicht soen ech dofir hei MERCI. Heiansdo hätte mir, an dat erëm aus parteipolitescher Siicht, gäre méi schaarf geschoss. Dir hut eis ëmmer zu engem moderaten Toun ugehalen an eng sachlech a fair, oft eng zréckhalend Art a Weis virgeschloen (Attention). A wéi hätte mir lech kënnen widerstoen?

Des Feier haut ass eng Eierung an et ass een Abschied. Et ass eng Eierung fir 33 Joer Schaffen am Dingscht vun eiser Gemeng. An et ass een Abschied vun der Schaffenskraft. Et ass een Abschied vun der Funktioun vum Buergermeeschter awer net vun der Persoun vum Pierre Kraus. Mir bleiwen a Respekt a Frëndschaft verbonnen, a mir freen eis op ee méi relaxe Pit, de Kapp net méi esou voll mat Suergen ëm déi aner Leit, mä dofir voll mat Pläng, Energie a Liewensfreed.

Mir zielen drop, dat mir eis oft a Frëndschaft begéinen. Dir bleiwt jo nach e bëssen am Dingscht vun der Gemeng, als Präsident vum Office Social.

Mir hunn lech den 16. Juni 2003 eestëmmeg den Éierebuergermeeschtertittel zouerkannt als Merci fir Är Leeschtungen. A mir empfangen et als agréabel Niewenerscheinung vun deem Geste, dass mir doduerger nach bei munchen öffentleche Geleenheeten och lech ënnert de Gäscht kënnen begréissen.

# Ovation Pierre Kraus

Usprooch vum Claude Halsdorf,  
Scheffen a Verrieder vun der LSAP-Fraktioun

Kolleg Pierre Kraus, Elvire,  
Léif Memberen vun der Famill Kraus,  
Dir Dammen an Hären,

Bei Geleegenheet vum Nationalfeierdag am Joer 2000 hunn déi politesch Mandatären aus dem Gemengerot, am Numm vun alle Matbiirger vun Ettelbréck a Waarken, hire Buergermeeschter Pierre Kraus fir 30 Joer kommunalpolitesch Präsenz an Aktivitéit gééiert an him hir Reverenz erweisen fir säin laangjähregt, onermiddlecht an exemplarescht Wierken am Interessen an zum Wuel vun all eise Matbiirger.

Haut, 3 Joer méi spéit, verléisst de Pierre Kraus definitiv d'Bühn vun der Ettelbrécker Kommunalpolitik déi hien iwwert méi wéi 3 Joerzinten nohalteg matbestëmmt a matgeprägt huet.

Wann d'Éier mir haut zoukënnt am Numm vun der LSAP-Fraktioun e puer Wuet bei dëser Geleegenheet un eisen Éierebuergermeeschter ze riichten, esou wëll ech net op de grouse perséinlechen Engagement, d'Wäitsiichtegkeet, d'fachlech Kompetenz, d'Hëllefsbereedschaft, den konsequenten Asaz am soziale, kulturellen a sportleche Beräich, kuurz op de mannegfalteg an ganz verschidde gelagert Verdingschter vum Pierre Kraus agoen.

Ech denken nämlech, datt d'Assistenz vun haut den owend dës Meriten zënter laangem kennt, an och weess, si an hirer Globalitéit an Tragwäit anzeschätzen.

Et läit eis als LSAP an och mir perséinlech villméi um Häerz, an dat virun allem a Präsenz vum Pierre Kraus senger Famill, senge Kanner Sylvie a Marco wéi och dem Elvire, op een Aspekt vun der bal 33jähreger politescher Carrière vun eisem Éierebuergermeeschter anzegoen, deen, leider vill ze oft a mengen Aen, bewusst oder onbewusst, vergiess, ënnerschat oder erofgespillt get an zwar d'Zesummeliewen, praktesch d'Cohabitatioun vun den öffentleche Verpflichtungen



Photos: Romain Heckemanns

déi e politescht Mandat nun eemol mat sech bréngt an d'Privat- respektiv d'Familljenliewen vun der betreffender Persoun.

Ech wëll hiweisen op de gewëssen Dilemma, deen oft esouguer Interessen- a Gewëssenskonflikter no sech zitt, mat der Symbiose vun dësen zwou total anescht gelagerten Verpflichtungen eens ze ginn.

Hei sinn engersäits organisatoresch Talenter, gewëssermoossen Managerqualitéiten gefrot, an andersäits vill Verständnis, Kompromiss a Konsensbereedschaft.

Fir de Pierre Kraus war et d'Verpflichtung géintiwwer dem Wieler an 6 konsekutiven Wahlgäng zënter 1969 deem him erbruechte Vertrauenbewäiss gerecht ze ginn an sech mat Läif a Séil als Conseiller, Scheffen an Buergermeeschter no beschem Wëssen a Kënnen an den Dingscht vun der Allgemeinheit ze stellen.

Derniewt huet et awer och geheescht de Verpflichtungen an Aufgaben als Familljenpapp an den

# Ovation Pierre Kraus

Exigenzen vun engem net einfache Beruff nozekommen an sech den dagdeeglechen Erausforderungen och op dësem Plang ze stellen.

Dësen Defi ze meeschten, a vill vun iech hei banne wäerten mer zoustëmmen, kënt net selten dorop eraus, sech mat der Quadratur vum Krees ausenaner ze setzen.

Do muss de Partner, d.h. d'Famill, matspillen. A gerad an dësem Kontext denken ech ass d'Gelegenheet gebueden haut och deene Leit, déi während ronn 33 Joer gréisstendeels abseits vum politesche Liewen vum Pierre Kraus stungen, eis Unerkennung an eise Merci zum Ausdrock ze bréngen.

Dem Pierre Kraus sengen Kanner, Martine, Sylvie a Marco, dem Marlyse dat leider net méi kann ënnert eis sinn, dem Elvire, géllt eisen éierlechen Dank datt si et erlaabt a matgedroen hunn, den Pierre Kraus mat der Allgemeinheit, d.h. der Awunnerschaft vun Ettelbréck a Waarken iwwert esou vill Joeren ze deelen. Ouni hirt Verständnis an Averständnis zu senger politescher Aktivitéit kéinten mir hien haut net éieren fir seng grouss Verdingschter am Interesse vun eiser Gemeng. Duerfir denken ech, verdingen gerad si haut fir eng Kéier eisen Applaus.

Kolleg Pit,  
Dir Dammen an Hären,

Als Verrieder vun der LSAP-Fraktioun kommen ech trotzdeem net derlaanscht e puer Wuert ze verléieren iwwert eis Bezéiung um politeschen Plang iwwert all déi Joeren.

Et sinn schons zwee Puer Schong, op der enger Säit an der Oppositioun ze versichen an sech Méi ze ginn, konstruktiv seng Politik ze artikuléieren ouni sech awer kënne vill Hoffnung ze maachen zu engem konkreten Resultat ze kommen oder, op der aner Säit, an der Majoritéit d.h. an der Responsabilitéit seng Virstellungen auszeschaffen an duerno an d'Praxis ëmzesetzen. Dat ass nun eemol d'Politik an domat muss e sech offannen.

Rar sinn op jidder Fall déi Politiker, wéi s Du, déi während nobäi 33 Joer ni d'Gelegenheet kritt hunn,

ze empfangen an nozevollzéien, wat et dann nun heescht a bedeit an der Oppositioun ze sätzen.

Dës Chance hass du ni an du wärs se och elo net méi kréien. Sou gëtt et op d'mannst eng Facette vum kommunalpolitesche Liewen, an, dobäi stëmmst der mer sècher zou och nach net onwichtig, iwwert déi s du net kanns matschwätzen.

Mä Spaass op d'Säit!

Vun all deene Joeren wou LSAP-Mandatären mat Dir am Gemengerot souzen, behalen mir d'Erënnerung un ee joviale Kolleg, ee Politiker mat Häerz, vill Sachverstand an der aldeeglecher Aarbecht, ëmmer op fir kontrovers awer konstruktiv Diskussiounen, mat Taktgefill an der grousser Suerg net ze blesséieren d.h. sachlech an objektiv ze argumentéieren, ee Mann dee Mënschlechkeet an Sozialdenken ausgezechent hunn.

Pit, wéineg Leit aus dem öffentlechen Liewen hu sech an deem Mooss wéi s du ëm d'Stad Ettelbréck a Waarken verdingt gemaach.

Ech denke kënnen ze behaupten datt dat folgend Zitat aus den Carnets vum Montherlant zoutreffft fir deng Astellung iwwert all déi vergaangen Joeren bei dengem politesche Schaffen.  
Hie schreiw:

"La politique, c'est l'art de servir les gens et non de se servir des gens!"

Kolleg Pit,

Am Numm vun eiser Fraktioun wënschen ech Dir, dass de an Zukunft deng 2 Pensioune kanns voll genéissen.

Vill schéin a glécklech Joere bei beschter Gesondheet fir Dech an d'Elvire an dat dir Zäit fannt fir all dat ze ënnerhuelen wat bis elo huet missen zrëckgestallt ginn, wënschen iech zwee vun Häerzen deng Kollegen vun der LSAP-Fraktioun.

LSAP-Fraktioun

Claude Halsdorf

# Ovation Pierre Kraus

## Usprouch vum Margot Feypel-Diederich, Vertrieder vun der DP-Fraktioun

Här Éirebuergermeeschter Pierre Kraus,

Freedeg an glécklech Momenter an engem räich ausgefällten an aarbechtsvolle Liewen gëtt et nun eemol net esou oft. Dank an Unerkennung och net – dëss ginn oft duerch engt haart an ongerecht Kritik verdrängt a vergiess. Duerfir freën mir eis als DP-Fraktion, Här Kraus, fir lech a mat lech, dass den Dag vun haut ee vun deene glécklechen a frouen ass, ären Dag, léiwen Frënd, wou Dir mat Recht geéiert gitt fir äre politischen Asaz am Dingscht vum Ettelbrécker an Waarkener Biirger. Mat Freed a Stolz kënn Dir zréckblécken op eng politesch Carrière vun 33 Joer Gemengepolitik dovun 10 als Conseiller, 18 als Scheffen a 5 als Buergermeeschter vun der Stad Ettelbréck. Niewent engem verantwortungsvolle Beruf am Privatsektor, hutt Dir lech mat onermiddlecher Ausdauer an dëss politesch Aarbecht geknéit, déi vun lech vill Energie, Zeitopwand an oft perséinlech Sacrificer verlangt huet. Dir hutt net gekuckt op dësen Asaz sech iwverhaapt gelount huet, neen, wichtig fir lech war, dass Dir der Flicht an dem Engagement déi de Wieler lech bei den Wahlen opgedroen hat, nokomm sidd. Oni Aneres ze vernochléissegen waren Kultur an Sport är wichtig Ziler.

Haut kënn Dir mat Genugtuung zréckblécken op dëss gelungen Infrastrukturen, déi zu voller Zefriddenheet fir eis Stad funktionnéieren a woufir vill Leid am Land eis beneiden. Esou hutt Dir während 33 Joer vill Nätzlech gehollef droen an décidéieren, an dëst alles am Sënn vun der Allgemeinheit. No eso enger laanger Zäit, déi net ëmmer einfach war, wollt Dir dëss Verantwortung ofginn, an engem méi jonke Plaz maachen. Dëss är Décisioun hu mir all respektéiert, a vergonnen lech eng bësschen méi ausgespaanten Zäit. Den Titel „Éirebuergermeeschter vun der Stad Ettelbréck“ ass net nëmme eng Eier, mä soll och eng Unerkennung fir ärt politesch Schaffen sinn. Als Fraktion vun der demokratischer Partei, soll et awer haut net eis Missioun sinn, ärem politischen Liewenswee nozegoen, mä mir wëllen eis uschléissen un all déi häerzlech an oprichteg Merciën, déi bei dëser Ovation vun allen Invitéen un lech geriicht si ginn. Eis speziell Unerkennung un lech gëllt awer der gudder Zesummenaarbecht vun eiser Fraktioun mat ärer Person, sief daat als Scheffen oder Buergermeeschter, an der Opposition oder an der Koalition mat der CSV. Mir hunn zesummen een deen aneren ëmmer respektéiert. Dir waat ni den haarden Politiker. Dir hutt versicht mat enger gewësser Rou, mat Toleranz an Intelligenz, an hei ans do mat



Photos: Romain Heckemanns

engem franzéischem „Touch“ deen esou gudd zu lech gepasst huet, är politesch Usiichten schmackhaft ze maachen fir esou meeschtens op e gemeinsamen Nenner ze kommen.

Ni sinn mir an der Turbulenz auserneen gaangen. Kollegialitéit a Menschlechkeet hunn ëmmer erëm d'Politik iwverspillt, an daat war och gudd esou. Erlaabt mir awer nach, Här Kraus, e Gedanke vu Merci un är Famill ze riichten, un déi, di net méi ënnert eis sinn, an un all déi déi un dëser Feier deelhuele. Well, wi wäer et ëm eis grouss a kleng Politiker bestallt, wann si net daat deeglecht Verständnis vun hire Familien hätten als néidege Réckgrat bei hiner stressescher Aarbecht?

Ofschléissend soe mir lech, Frënd Pierre Kraus, nach eng Kéier eis oprichtegst Gléckwësch zu ärem neien Liewensabschnëtt. Eis Fraktion, de Jean-Pierre Gutenkauf an ech selwer, wënschen lech besonnesch eng stabil Gesondheet. Dir sollt nach vu ville, ville glécklechen an zefriddene Joeren profitéieren fir endlech mol daat ze maachen wat zäitlech bis elo net dran war. Dobäi wäert d'Musik an d'Liesen bestëmmt un éischer Stell stoen. Mir gënnen lech daat vu ganzem Häerzen am Kreess vun äre villen Frënn an ärer sympatischer Famill.

DP-Fraktioun

Margot Feypel-Diederich



# Ovation Pierre Kraus

## Usprouch vum Marthy Thull, Vertrieder vun der Déi Gréng-Fraktioun

Här Éirebuergemeeschter Pit Kraus, dir Invitéën alleguer!

Mir sinn haut zesumme komm fir e Mann ze éiren fir seng Mériter an der Gemeng Ettelbréck. Et ass och scho villes vu menge Virriedner gesot ginn, an dem Här Kraus seng Aarbecht am Déngscht vun der Ettelbrécker Gemeng, ass schonn des Laangen a Breden duergestallt ginn. Duerfir ass et ëmsou schwéier fir mech, elo nach nei Elementer a meng Usprouch anzebréngen.

Ech wëll duerfir hei méi op e puer perséinlech Erfahrungen agoen, déi ech mam Pit Kraus erliewt hunn, trotz der kuerzer Zäit wou ech am politeschen Liewen derbäi sinn. Dat sinn Erfahrungen wou ech hie mënschlech besser kenne geléiert hunn, an déi mech zimlech beandrockt hunn.

Sécherlech waren de Pit Kraus an ech, an där Zäit wou ech d'Eier an d'Geleegeheet hat mat him zesummen ze schaffen, eis net ëmmer eens iwwert déi verschidde gesellschaftlech a politesch Themen.

Schon eleng doduerch, datt mir grondsätzlech verschidde Parteien ugehéieren, awer och well mir altersméisseg eng Generatioun auserneen leien, bedingt nougedrongen Differenzen an eisen Usiichten iwwert Politik a Gesellschaft.

Mä de Pit ass net vu gëschter! Och wann hien de Pensiounsalter huet. Säin offene Geescht, säin Engagement, seng Energie a säi Courage sech iwwer Joeren fir seng oder eis Gemeng anzesetzen, ass beispillhaft.

A perséinleche Gespréicher konnt ech ëmmer rëm feststellen, datt d'Approche zu de soziale Probleemer net wäit mat menger eegener auserne lät. Hien huet sech ëmmer Gedanke gemaach wou mir an der moderner Zäit als Gesellschaft higinn. A hien huet sech och vill Suerge gemaach iwwert déi nei Entwécklungen besonnësch am Familljenwiesen, oder iwwert Tatsaach, dass hautzedaags vill ze vill oft déi perséinlech Responsabilitéit op de Bockel vun der Allgemeinheit ofgedréckt gëtt. Déi Verlaagerung vun der Responsabilitéit ass dat richtig oder falsch? Wéi



Photos: Romain Heckemanns

kënne mir als Gesellschaft respektiv als Gemeng domadder ëmgoen a fäerdeg gin? Doriwwer hu mir méi wéi eng Kéier diskutéiert a geschwat!

Awer och iwwer allgemeng gesellschaftlech a politesch Themen, sief dat iwwert militäresch Interventiounen am Irak oder och soss an der Welt, iwwert Europa- a Weltpolitik, iwwert d'Weltherrschaft vun der Wirtschaftslobby, iwwert Steierreformen hei am Land oder iwwert de Stellwäert vun der Religioun am Grand-Duché, konnt ech flott Gespréicher mam Pit féieren, an deenen ech och iwwert séng sozial an oft kritesch Meenungen méi wéi eng Kéier unerwaart iwwerrascht war.

Dëse Meenungaustausch war fir mech eng perséinlech flott Erfahrung.

Eisen Eirebuergemeeschter ass e sozial denkende Mënsch mat bestëmmte Wäertvinstellungen, déi hien ëmmer versicht weider ze ginn, och an der Gesellschaft vun haut, wou éischer d'Préférenzen am perséinleche Profit leien.

Säin Engagement fir d'Jugend- an d'Alterspolitik bestätegt daat. Et ass net fir näischt, datt de Pit Kraus och Présidence vun engem Sportsveräin iwwerholl huet!

Ech hunn hien als intelligente, kultivéierten a soziale Mënsch erliewt, mat deem ee flott ka schwätzen, a vun deem ech och villes konnt léieren! An duerfir wëll ech him haut nach villmols merci soen. Hien huet seng politesch

Aarbecht an der Gemeng ëmmer eescht geholl, an och weesentlech derzou bäigedro, datt Stad Ettelbréck haut dat ass wat se ass. Hien huet gehollef der Stad Ettelbréck en neit Gesiicht ze ginn. An hien huet sech ëmmer agesat fir déi bescht méiglechst Liewesqualitéit fir d'Awunner vun eiser Gemeng.

Datt mir haut fir dëss Feier an dem schéine CAPE kënnen sinn, ass haaptsächlech dem Här Kraus säi Mérite. Hie sot selwer eng Kéier an engem Interview, datt de CAPE säi Steckenpäerd wär.

De Pit Kraus huet sech och neien Ideeën net verschloss. Hie war ëmmer bereet d'Diskussiounen ze féieren, wann et am Sënn vu Biiirger a Gemeng war. A säi Stil, wéi hien matt de Leit am Gemengerot a mat de Biiirger dobaussen ëmgaang ass! Hien huet sech ëmmer un d'Regele vun der Démokratie gehal! Hien hat ëmmer en offent Ouer fir jiddfereen. An hien huet no Kompromisser gesicht, ouni dobäi d'Interesse vun der Allgemengheet ze vergiessen. Seng Devise war, d'Gemengegeschäfte ëmmer als bon père de famille ze féieren.

Sécherlech war et net einfach fir hien d'Nofolleg unzetrieden vun engem Buergermeeschter, dee Geschicht fir d'Gemeng Ettelbréck gemaach huet, mee de Pit huet dat Bescht drauss gemaach. Mat Erfolleg! Do huet him seng Erfahrung als laangjährege Conseiller a Scheffen sécherlech gehollef.

Schonn eleng d'Tatsaach, dat de Pit Kraus sech während 33 Joer an den Déngscht vun der Gemeng gestallt huet, verdéngt all eise Respekt. Besonnesch well hie laang Joeren am Schied vun eisem fréiere Buergermeeschter Ed Juncker stoung. Esou eng politësch Carrière verlaangt e laangen Otem, vill Energie an déi fest Iwwerzeegung selwer Positives fir d'Gemeng errechen ze kënnen.

Här Éirebuergermeeschter, dir hut all mäi Respekt fir äer Aarbecht an der Gemeng, fir äeren Engagement, fir äer Mënschlechkeet, fir äere Stil a besonnëscht fir äer Offenheet vis-à-vis vun äere Matbiirger.

Ech wënschen Iech zesumme mam Elvire am Kreess vun äerer Famill eng schéin, besënnelech an erfüllte Retraite. A mir wënsche Iech, datt mir wa mir eis an Ettelbréck begéien, weiderhin zesummen iwwert gesellschaftlech Themen diskutéieren kënnen.

DEI GRENG

Marthy Thull

## Ussproch vum Nékel Arendt, onofhängege Member vum Gemengerot

Här Éirebuergermeeschter,  
Här Buergermeeschter,  
Dir Hären Scheffen,  
Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot,  
Dir Dammen an Hären Invitéen,

No deene brillanten Interventiounen vun mengen Virriedner ass et fir mech schwéier nach eppes Neies ze soen. Ech schléissen mech selbsverständlech allen Mercien un, déi elo grad ausgedréckt gi sinn.

Ech hunn ganz laang, bal ee 1/4 Joerhonnert mat Krausse Pit zesumme geschafft, an dat op verschidde Pläng. Ech erënnere mech mat Freed un déi Zäit, wou mir zesummen am Dëschtennis aktiv waren, besonnesch awer un déi memorabel Maria-Theresia-Feier vun 1980.

E bësse méi spéit, wéi ech Präsident vun der Entente vun den Ettelbécker Veräiner war, hunn ech mat dem deemolegen Scheffenrot, an do natiirlech besonnesch mam Finanzscheffen Pierre Kraus, ze di gehat.

Och spéider, an den 90er Joeren, wéi ech als Consellje an d'Gemeng komm sinn, hat ech ëmmer, ob an der Oppositoun oder an der Koalitioun, gutt a korrekt Relatiounen mam Krausse Pit. Mir waren nit ëmmer enger Meenung, mä de Pit war mir vis-à-vis, och a schwierige Situatiounen, ëmmer vun enger grousser Fairness .... an duerfir soen ech him Merci.

Ech hu mir iwwerluecht, wéi ech eisem neien Éirebuergermeeschter op eng apaart Art a Weis kënn eng Freed maachen. An der Jubiläumsbrochure, déi d'Ettelbécker Philharmonie 1977 erausginn huet, hunn ech eng Photo fond, déi de Pit ganz am Ufank vun senger politescher Carrière weist. D'Photo ass nämlech geholl ginn de 26. Oktober 1969 bei Geleegeheet vun der Ovation fir déi neigewielten Conselljeën.

Dës Photo ass an deem Sënn vu Bedeitung, well een do déi 3 Leit beieneen gesäit, déi den 1. Januar 1970 den neien Ettelbécker Schéfferot gebilt hunn, nämlech den Här Edouard Juncker als Buergermeeschter an di Hären Henri Lutgen a Pierre Kraus als Scheffen. Dës Photo erënnert un den Ufank vun eisem Éirebuergermeeschter senger laanger an erfollegräicher Carrière.

Ech iwwerrechen heimat dem Frënd Pit dës Photo als Zeechen vu mengem Merci a vu menger Unerkennung.

Nékel Arendt

# Ovation Pierre Kraus

## Usprouch vum Ed Peiffer, Gemengesekretär

Här Éirebuergemeeschter,  
Léif Invitéen,

Ganz vill ass scho gesoot ginn zur Eier an Unerkennung vun eisem Éirebuergemeeschter an och zu sengem erfollegräichen Schaffen am Laaf vun deene vergaangenen 33 Joer am Intérêt vun der Stad Ettelbréck a sengen Awunner.

Fir mech, deen d'Eier hat während dee ganzen 33 Joer mam Pierre Kraus a sengen verschiddeenen Fonktiounen zesummeschaffen, ass et natiirlech eng besonnesch Eier, haut op dësem Dag, d'Wuert dürfen ze ergräifen an him a Präsenz vun esou villen Éiregäscht merci ze soen fir déi wonnerbar an harmonesch Zesummenaarbecht déi mir ëmmer zesummen haten.

Doduerch dat ech schon als Bouf beim Dëschtentnis de Pitt – ech darf sécher bei dëser vertrauter Uried bleiwen – kennegeleiert hat, hate mir vläicht e besonnescht gutt Verhältnis mateneen. Ech well awer den Owend nit op dës perséinlech Relatiounen agoen, mä virun allem hei dem Pierre Kraus seng Astellung zu all sengen Mataarbechter skizzéieren.

Do ass fir d'éischt de Respekt, deen hie jidfereenzelne vun äis entgéintbruecht huet. De Pierre Kraus gesäit kee vun eis nëmmen un als dee Gemengearbechter, dee Gemengebeamten oder deen Enseignant, deen do ass fir eng gewësse Missioun ze erfëllen an deen dofir bezuelt gëtt, neen, hien huet

jidferengem seng Aarbecht als een Deel vun engem Ganzen ugesinn, daat heescht vun der nobeler Missioun déi di verantwortlech Politiker zesumme mat hire Mataarbechter am Interesse vun eiser Stad aldeeglech erfëllen. A wann de Pierre Kraus eemol méi eng quokeleg Personaldecisioun huet missen huelen, dann huet hien sech dat guer nit liicht gemeet, an hien ass mat vill Fäigefill an esou douce wéi méiglech virgaangen.

Niewt dem Pierre Kraus senge grouse Meriter déi meng Virriedner ervirgehuef hunn, well ech awer och nach op eng aner Tatsaach agoen, déi all eise Gemengeservicer zegutt komm ass. Dat ass dem Pierre Kraus seng Erfahrung, déi hien aus sengem Berufsliewen an aus senger laangjähreger Gemengenaarbecht matbruecht huet. Si huet him et erméiglecht déi aldeeglech, a bestëmmt net ëmmer liicht Decisiounen, séier a kompetent am Dialog mat senge Mataarbechter ze huelen.

Léiwe Frënd Pierre,

Du bass elo an de wuelverdängten Stand vun engem Éirebuergemeeschter agetrueden an et bleiw mir am Numm vun dem ganze Gemengepersonal Dir ee grouse Merci auszusprechen an Denger léiwer Liwenspartnerin Elvire – déi 33 Rousen hei niewt dem Riednerpult sinn iwrengs vum Elvire – also Dir an dem Elvire all Guddes fir dësen sécherlech vill méi paisibelen, an awer bestëmmt gutt ausgefëllten Abschnitt vun dengem Liewen ze wënschen.

Merci  
Ed Peiffer

## Gratisbesuch vum MUSEE PATTON Sonndes, den 21. Dezember 2003 Invitatioun

Als Erënnerung un de Joeresdag vum General George S. PATTON sengem Doud invitéiert d'Gemeng Ettelbréck, zesumme mat dem „Groupe de Recherches et d'Etudes sur la Guerre 1940-45“, op e Gratisbesuch vum

**Musée Patton**, 5, rue Dr. Klein zu Ettelbréck  
Sonndes, den 21. Dezember 2003 tëschend 14 an 18 Auer  
Zwou Gratisféierungen gin um 14 an um 16 Auer ugebueden.

## Visite gratuite du MUSEE PATTON Dimanche, le 21 Décembre 2003 Invitation

En commémoration de l'anniversaire de la mort du Général George S. PATTON, la Commune d'Ettelbruck invite, en collaboration avec le „Groupe de Recherches et d'Etudes sur la Guerre 1940-45“, à une visite gratuite du

**Musée Patton**, 5, rue Dr. Klein à Ettelbruck  
Dimanche, le 21 Décembre 2003 entre 14 et 18 heures  
Deux visites guidées gratuites sont offertes à 14 et à 16 h.



Photos: Pierrot Felgen

## Äntwert vum Éierebuergermeeschter Pierre Kraus

Här Minister François Biltgen,  
Dir Hären Deputéierten,  
Här Distriktskommissär,  
Här Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf,  
Dir Dammen an Hären aus dem Scheffen- a  
Gemengerot,  
Här Paschtouer Jos Sauber,  
Dir Hären Buergermeeschteren aus den  
Nopeschgemengen,  
Här Ambassadeur Ronald Mayer,  
Léif Invitéën alleguer,

Jiddereen versteet, datt fir mech dës Stonn eemoleg, ongewinnt an awer och e beschen traureg ass. No esou engem Zäitofstand, vun enger Ativitéit, vun enger Missioun, a fräigewëllter Charge, ass fir kee Mënsch een einfache Schrëtt.

Zënter 33 Joer aktiv an der Gemengepolitik bedeit, datt ee wërklech an där Aktivitéit eng Erfëllung gesinn a gesicht huet, duerch een engagéierten Déngscht u senger Gemeng, senger Stad a senger Populatioun.

Sëcher war d'Missioun virun 30 Joer méi einfach wéi haut, bestëmmt gouf et schwéier mä awer och schéi Momenter.

Mä wann ech zrëckdenken, emfannen ech dach ënnert dem Stréch eng perséinlech Satisfaktioun déi sech erëmispigelt an deem ewéi eis Stad sech an der leschter Zäit positiv entwéckelt huet, wunnlech, baulech, sportlech a kulturell, bedéngt duerch nei Infrastrukturen a punkto Sport, Kultur an Edukatioun.

Fir mech war et ëmmer eng Genugtuung ze gesin an ze spiren, ewéi d'Veräinsliewen an eiser Stad pulséiert huet, gedroe vun benevolaten Idealisten fir eiser Gesellschaft, eiser Stad, hirer Populatioun, awer besonnesch eiser Jugend ze déngen.

Dës Astellung fir den allgemeinen Interesse garantéiert den Zesammenhalt vun enger Gesellschaft.

Um selwechten Niveau kann ech och déi gutt Zesummenaarbecht tëschent Gemeng an allen Sparten



Photos: Romain Heckemans

vu Schoulen ervirsträchen déi während all deene Joeren bestan huet an och haut nach weider besteet.

Gegensäiteg hëllefen an zesammenstoen huet et erméiglecht gréisser Evenementer opzezéien, zum Wuel vun eiser Stad an hirer Renommée.

Heimatter wëll ech och allen Direktrizen an Direkteren Merci soen, wuel verstanen och allem Personal, fir hirt Verständnis wann et ëm d'Belaangen vun eiser Stad gong.

Wann een während 27 Joer an honnerten vun Réuniounen gehollef huet d'Musekschoulen an - erzéiung am Land opzebauen, dann empfind een eng gewëssen Satisfaktioun wat sech schlussendlech dësen 1. Januar konkretiséiert huet, nämlech de Conservatoire du Nord Ettelbréck mat eiser Nopeschstad Dikrech. Et ass dëst eng Symbiose an Raimlechkeeten vum Centre des Arts Pluriels, Conservatoire, Philharmonie. Musekszerzéiung gehéiert zur allgemeiner Humanbildung.

Mäi Merci un all Verantwortlecher fir d'Realisatioun vun dësem Projet. Hien wärt zur kultureller Ausstrahlung vun eiser Stad, an och der spéiderer Nordstad dénglech sin; des Aktivitéit entwéckelt eng eegen Dynamik déi hoffentlech och op allen aneren Gebidder hire positiven Niderschlag fanne misst.

D'Responsabilitéit an der Politik berout nach laang net ëmmer op bëllegen, oniwerluechten Entscheidungen, mä op Wäitsicht. D'Nohaltegkeet déi dës Dézisiounen als Folleg mussen hun, sinn de Gradmiesser vun enger verantwortungsvoller Féierung.

An do wëll ech déi gutt Zesummenaarbecht vum leschten Schëfferot ervirsträichen, ewou d'Madame Nicole Wilhelm-Petry, den Här Claude Halsdorf an den Här Marcel Burg mir bei mengem Mandat als Buergermeeschter tatkräfteg zur Säit stongen, an dat ouni parteipolitesch Iwerleeungen; am selwechten Mooss gëllt dat och fir all fréier Schefferéit mat deenen ech zënter 1970 zesummegeschafft hunn, an do denken ech speziell un de fréieren Député-Maire Ed Juncker, dee mech ee laangen Wee op menger kommunal-politescher Lafbunn begleet an ënnerstëtzt huet.

Och allen Conseilleren mäin opriichtegen Dank fir déi fair a korrekt Sätzungen déi mir zesammen haten.

Mäi Merci geet awer och un d'Administratioun vun der Gemeng, ugefaang beim Sekretär, un all Chef de Service, un all Fonctionnaires an Aarbechter, déi ëmmer ee korrekt a kooperativt Verhalen géintiwir mir erwisen hunn.

Meng Unerkennung alle staatlechen Verwaltungen an och der Police a Sapeurs-Pompiers souwéi alle Ministären mat deenen mir a schwierigen mä sachlechen Diskussiounen a Verhandlungen an deene meeschte Fäll Problemer viller Art konnte léisen. Och de kiirchlechen Instanzen mäin Dank fir déi gutt Relatiounen.

Mat deenen 2 Spideeler, de Saint-Louis an den CHNP waren munch méi gravéierent Entscheidungen ze treffen, mä och hei konnten adequat Léisungen fonnt gin. D'Presentatioun vum SISS déi lescht Woch ass ee frappant Beispill vu fairer a loyaler Zesummenaarbecht

zwëschen 3 Partner, Ministère, CHNP a Gemeng.

Virbildlech war och déi gutt Collaboratioun mat allen Nopeschgemengen, duerfir mäi Merci un déi präsent Buergermeeschteren, déi drop gehalen hunn, mäin Abschied mat mir ze feieren.

Dankbar sin ech och fir all gutt Réit, déi ech bei mengem Entscheidungen vu Frënn a Bekannten kritt a genotzt hunn, grad esou fir déi fräiwëlleg an oft onentbierlech Hëllef vu ville Matbiirger oder Verrieder vun de Veräiner bei gréisseren Manifestatiounen a Feieren déi mir am Laf vun de Joeren als Gemeng gemeinsam mat anere Partner organiséiert hunn.

Zu gudder lëscht, an dat gët meeschtens vu villen ënnerschätzt, muss ech nach déi ernimmen, déi während all deene Joeren bei menger gemengepolitescher Carrière mech ënnerstëtzt, de Stress an den lenger, mä och d'Freed an d'Satisfaktioun materliwint an erdroen hunn:

Dat ass meng Famill, meng verstuerwe Fra Marlyse, meng Kanner, meng Schwester an d'Elvirem, meng jetzeg Liewensgefärtin. Ouni hirt Versteestemech an hir moralesch Ënnerstëtzung wir meng politesch Aktivitéit net déi gewiescht déi se war.

All deenen déi sech beméit hunn, dës besonnesch Abschiedsstonn ze gestalten bleiw mir schlussendlech een hätzlechen Merci ze soen.

Meng Aktivitéit am Déngscht vu menger Heemechtsstad bedeit ee groussen Deel vu mengem Liewen; ech behalen déi Zäit a beschter Erënnerung.

Mengem Nofolger, dem Jean-Paul Schaaf, wënschen ech vill Selbstvertrauen an eng glécklech Hand bei der Ausféierung vu senger neier Missioun.

Selbstverständlech wärt ech och an Zukunft - wann och nit offiziell - der Gemeng an der ganzer Awunnerschaft - wa gewënscht - mat Rot an Dot zur Verfügung stoen.

Merci fir Ärt Vertrauen an all deene Joeren a besonnesch fir déi härezech a sympatesch Abschiedsfeier vun haut den Owend.

## Personnel enseignant et répartition des classes pour l'année scolaire 2003/2004

### Education précoce:

Van-Dyck-Feider Monique  
Nickels Nadine  
Becker Laure  
Deltgen Marlène

### Enseignement préscolaire:

#### Bëchel

1. Steichen-Wagner Netty
2. Daubach-Majeres Jeanine
3. Backendorf-Trausch Marie-Rose (m.t.)  
Muller-Feider Annique (m.t.)
4. Rommes Nadine
5. Steffen Françoise
6. Scholtes Nathalie  
Schaus-Federspiel Nicole (appui lux.)

#### Rue de l'Ecole Agricole

1. Schartz-de Waha Yola (m.t.)  
Terrens-Anen Monique (m.t.)
2. Pilot-Pletschette Diane
3. Krecké Pascale
4. Monville Martine
5. Christen-Halsdorf Pat
6. Giver Sandra  
Zannier-Lecoq Julie (appui lux. et décharges)

### Enseignement primaire:

#### 1ère année

1. Leesch-Backes Noëlle
2. Kemp-Gloden Cilly
3. Fauzzi Vanessa
4. Schartz Lynn
5. Bildgen Anne
6. Kaell Sandrine

#### 4e année

1. Thein Jean-Paul
2. Steffen Jean
3. Survaci-Britz Gaby
4. Ludzack Edmée
5. Besch Nadine
6. Keiser Vanessa

#### 2e année

1. Georges Nicolas
2. Molitor Alice
3. Milivojevic Vanja
4. Willems Nadine
5. Schumacher Josiane
6. Michels Dina

#### 5e année

1. Hendel Guy
2. Krier Théo
3. Halsdorf-Mousty Georgette
4. Lange-Arend Marie-Pierre
5. Cresson Joé
6. Rausch Patrice

#### 3e année

1. Krier-Peters Christiane
2. Garganese-Ries Jeanine
3. Weber Claude
4. Leesch-Schilling Peggy
5. Reding-Rigutto Malou
6. Molitor Martine

#### 6e année

1. Wies Robert
2. Bock Alex
3. Kasel Jean
4. Majeres Claude
5. Lahire Nicole
6. Wies Laurent

# Personnel enseignant 2003/2004

## Accueil:

Ackermann Michèle

## Appui:

Weny Félix  
Renckens-Zenner Félicie  
Besch-Mousty Fernande  
Thein Pierrette

## Chargé(e)s de cours préscolaire et primaire:

Levooz Jeanine  
Jung-Roth Betty  
Mirkes Rosch  
Pries -Berg Viviane  
Schmit-Losch Monique  
Trausch-Miotto Yvette  
Wolff-Kept Karin

## Surnuméraires:

Bechet Olivier (éducation physique)  
Muller Mike (éducation artistique)  
Weber Claude (Sciences)  
Weber-Halsdorf Sandy  
(éducation morale et sociale)

## Cours intégrés portugais:

Da Sousa Acacia  
Da Sousa Pedro

## Enseignement religieux:

Burton Liliane  
Reiser-Beckericj Francine  
Hoff Liette  
Grevig-Bodé Monique  
Mozek Aline

## Organisation scolaire 2003/2004

### A. Education précoce:

2000/2001 - Effectifs:	64 enfants
2001/2002 - Effectifs:	57 enfants
2002/2003 - Effectifs:	54 enfants
2003/2004 - Effectifs:	71 enfants

### B. Enseignement préscolaire

2001/2002 - Effectifs:	196 élèves
2002/2003 - Effectifs:	192 élèves
2003/2004 - Effectifs:	167 élèves
2004/2005 - Effectifs présumés:	169 élèves
2005/2006 - Effectifs présumés:	189 élèves
2006/2007 - Effectifs présumés:	170 élèves

### C. Enseignement primaire

2002/2003	Effectifs	Classes
1ère année:	99	6
2e année:	107	6
3e année:	102	6
4e année:	95	6
5e année:	93	6
6e année:	103	6
<b>Grand total:</b>	<b>599</b>	<b>36</b>

2003/2004	Effectifs	Classes
1ère année:	105	6
2e année:	91	6
3e année:	108	6
4e année:	101	6
5e année:	95	6
6e année:	86	6
<b>Grand total:</b>	<b>590</b>	<b>36</b>

## Rentrée scolaire 2003/2004

### A. Calendrier des vacances et congés scolaires

L'année scolaire commence le lundi, 15 septembre 2003 et prend fin le jeudi, 15 juillet 2004.

1. Le congé de la Toussaint commence le samedi, 25 octobre 2003 et finit le dimanche, 2 novembre 2003
2. Jour de congé pour la fête de la St Nicolas: le samedi, 6 décembre 2003
3. Les vacances de Noël commencent le samedi, 20 décembre 2003 et finissent le dimanche, 4 janvier 2004
4. Le congé de Carnaval commence le samedi, 21 février 2004 et finit le dimanche, 29 février 2004
5. Les vacances de Pâques commencent le samedi, 3 avril 2004 et finissent le dimanche, 18 avril 2004
6. Jour de congé pour la Fête du Travail: le samedi, 1er mai 2004
7. Jour de congé pour l'Ascension: le jeudi, 20 mai 2004
8. Le congé de la Pentecôte commence le samedi, 29 mai 2004 et finit le dimanche, 6 juin 2004
9. Jour de congé pour la célébration publique de l'anniversaire de S.A.R. le Grand-Duc: le mercredi, 23 juin 2004

Les vacances d'été commencent le vendredi, 16 juillet 2004 et finissent le jeudi, 14 septembre 2004

### B. Samedis libres au cours de l'année scolaire 2003/2004

#### 1er trimestre

samedi, le 27 septembre 2003  
samedi, le 11 octobre 2003  
samedi, le 8 novembre 2003  
samedi, le 22 novembre 2003  
samedi, le 13 décembre 2003

#### 2e trimestre

samedi, le 17 janvier 2004  
samedi, le 31 janvier 2004  
samedi, le 14 février 2004  
samedi, le 13 mars 2004  
samedi, le 27 mars 2004

#### 3e trimestre

samedi, le 24 avril 2004  
samedi, le 15 mai 2004  
samedi, le 19 juin 2004  
samedi, le 3 juillet 2004  
samedi, le 10 juillet 2004

### C. Études surveillées et aides aux devoirs à domicile

Des études surveillées et des leçons d'aides aux devoirs à domicile (Hausaufgabenhilfe) sont assurés pendant l'année scolaire 2003/2004 sous la responsabilité de l'Administration Communale de la ville d'Ettelbruck en étroite collaboration avec l'Association des Parents d'Élèves des Enseignements préscolaire et primaire.



# Inauguration de l'Hôpital Saint-Louis 24.10.2003



Photos: Pierrot Feltgen

# Musek - Konscht - Danzatelieren (MKD Atelieren)



Photos: Christian Mohr, Pierrot Felgen

# Abenteuerspitzplatz 2003



Photos: Pierrrot Felgten

## Rue Dr Klein - Gaardestrooss



Die Rue Dr Klein verbindet die Avenue K. F. Kennedy mit der Rue de l'Ecole Agricole. Von ihr zweigen die Rue Gustave de Marie und die Rue Prince Jean ab.

### Dr. Martin Klein (1848-1907)

Martin Klein wurde am 26. Januar 1848 in Warken



(a Fabesch, heute Résidence Carla) als ältestes von 8 Kindern der alteingesessenen Bauernfamilie Michel Klein und Anna-Katharina Linden geboren. Martin Klein studierte in Bonn Medizin; als Doktor in der Medizin, Chirurgie und Geburtshilfe ließ er sich 1872 in Ettelbrück nieder.

1875 ging er als Badearzt nach Mondorf.

Von 1880 wirkte er wieder in Ettelbrück bis er 1883 nach Luxemburg und dann Antwerpen verzog, wo er ein Spital leitete.

Am 20. April 1886 wurde er zum ersten ärztlichen Kurdirektor der „Staatlichen Thermal- und Hydrotherapeutischen Bäderanstalt von Mondorf“ ernannt. Während der Winter leitete er das Hüttenspital der Firma Metz und Cie in Eich, wo er dann auch wohnte.

Als er Anfang 1907 in Neapel zur Erholung weilte wurde er von einem Nierenleiden niedergestreckt. Er starb in Mondorf am 11. Februar 1907. Sein Grab befindet sich in Ettelbrück. Seine Freunde errichteten ihm im Mondorfer Kurpark ein Denkmal, dessen feierliche Einweihung am 23. August 1909 stattfand.

Nico BECKERICH

Quellen:

Joseph Flies, Ettelbrück, die Geschichte einer Landschaft  
Ansichtskarten Nic Schumacher, Mondorf



Mondorf-les-Bains Monument du Dr Klein

# 80 Joer Ettelbrecker Scouten: E laangen Daag

## LËTZEBUGER GUIDEN A SCOUTEN GROUPE ST - SÉBASTIEN ETTTELBRUCK

De Scoutissem ass weltwäit dee bekanntesten an erfollegräichste Jugendmouvement vum leschte Joerhonnert. Dem Baden Powell seng Iddi war ëmsou méi genial wéi se d'Veännerunge vun de Generatiounen net nëmmen ausgehal, ma och matgestalt huet.

Elo läit ee Buch vir, dat des formidabel Bewegung un Hand vum Scoutissem zu Ettelbréck iwwer aacht Joerzénngten ënnert d'Lupp hält. D'Iddi vun dësem Buch – dat éischt iwwerhaapt iwwert d'Ettelbrécker Scouten - geet zréck op 1994, wéi de gemeinsame Jubiläum mat den Ettelbrécker Guide virbereed gouf. Dëst Wierk ass méi wéi een Erënnerungsalbum fir déi honnerte vu Scouten, déi souwuel bei den Eclaireurs vun der FNEL (1915-1934) wéi am Groupe Saint-Sébastien (1918/19, respektiv 1931 bis haut) duerch eng vun de wertvollste Schoule fir d'Liewe gaang sinn. Et ass niert enger dokumentierter Chronik eng räich Sammlung vun Témoignagen, Interviewen, Iwwerleeungen a Photoen.

D'Scouten aus dem ganze Land, déi u fréier zréckdenke wëllen, oder déi Inspiratioun fir d'Zukunft sichen, ma och all Interesséiert u Lëtzebuenger an Ettelbrécker Zäitgeschicht si gutt beroden, sech dëse Band unzeschaffen.

